

Zäit fir Verännerungen!



Agrarpolitesch Stellungnam vun der "Lëtzebuergesch Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l. (LLJ)" virgedroe vum Marthe Bourg a Charles Welbes, Membere vum Aarbechtsgrupp Agrarpolitik

Dir Dammen an Dir Hären,

Här Äerzbëschof,

Här Minister,

Lo gëtt et gläich ee Joer datt Dir Minister sidd,

virun engem Joer hätt Dir lech warscheinlech net kéinte virstellen, fir Äre Sonndeg Owend a sou enger geselleger Ronn wéi déi haut den Owend, kënnen ze verbréngen.

Mat vill Méi preparéiere mir all Joer fir de Jongbauerendag eng Stellungnam, wou mir der Politik soe wat eis um Häerz läit a wat eis am vergaangene Joer net gefall huet.

Dëst Joer ass eis dat och net esou schwéier gefall, Dir huet eis an deem kuerze Joer wou Dir am Amt sidd vill Geleeënheete ginn, déi eis gehollef hu kommend Säiten ze fëllen an net séier eng ausgelooos.

Mee och am Ëmweltministère gouf et e Wiessel, oder besser gesot et gouf vill hin an hier gewiesselt. Mir hunn heiansdo den Iwwerbléck do verluer, mee mir mengen do geet et eis net alleng esou. Méi dozou herno.

Een Haaptthema wat eis vill mobiliséiert huet ass eist neit Agrargesetz, an Här Minister do sinn eng Rei Texter déi nach laang net zefriddestellend sinn.

No 2 Joer Diskussiounen, ugefaangen an dem schéinen European Convention Center um Kierchbierg, ware mir vun der 1. Stonn un dobäi, fir eisen Input zum Plan Stratégique ze ginn.

Un eppes erënnere mir eis réckbléckend ganz besonnesch, an dat war deemools d'Äntwert op d'Fro vun engem Bauervertrieder ob deen 1. Draft, dee mir vum Minister Schneider virgestallt kritt hunn, a Stee gemeesselt wier oder ob een do nach kéint Input ginn.

D'Äntwert vum Minister war kloer, natierlech ass dat hei just eng Propos a mir sinn nach ganz am Ufank vun der Prozedur, Dir kënnt Är Virschléi eraginn a mir kucke wat mir kënnen mat ophuelen. De Premier Conseiller de Gouvernement huet dat deemools schonn anescht gesinn ewéi de Minister, an huet dem Här Schneider an d'Ouer geflüstert et wier alles fest! Dee gudden Här hat just net dru geduecht de Mikro auszuschalten.

Sou schéi wéi d'Spréchwuert et ausdréckt „*Deine Taten beweisen, dass deine Worte nichts wert sind*“, genau esou ass et och komm. Et war eng ufanks gutt Stëmmung am Secteur, en neit Agrargesetz, wat der Landwirtschaft an dach schwierigen Zäiten ënnert d'Äerm gräift, a geziilt do hëllef gebraucht gëtt, spriech bei de mëttelstännege Familljebetriber, a fir déi 1. Kéier och Plaffonge setzt

wat d'Gréisst vun de Betriber ugeet. Wiisst de Betrib doriwwer eraus, gött et keng Bähëllefen op deene Projete méi, alles schéin a gutt.

Wat d'allgemeng Wäertschätzung vum Beruff ugeet, souwéi den Astiig fir Leit ouni Ausbildung an de Beruff, d'Ofschafe vum haaptberuffleche Bauer, jo dës Propositione waren deemools scho miserabel schlecht, mee well mir Optimiste sinn, ware mir der Meenung dass mir duerch gutt Argumentatioun a propper Stellungnamen hei en Iwwerdenke vun dësen éischten Texter kéinten hikiréien.

Haut gesi mir dëst anescht wéi nach virun engem Joer.

Deen ganze Sall waart haut den Owend hei, wéi Dir lech sécher virstelle kënnt, op Äntwerten ewéi et dann elo schlussendlech weidergeet fir Betriber déi an Zukunft wëllen investéieren, iergendwou tëschent 2-5 Aarbechtskräfte leien, oder vläicht schonn déi 5. errecht hunn an sou weider.

Wéi ass et mat de Schwéngsbetriber? Goufen déi elo wierklech komplett vergiess oder fannen déi Leit Informatiounen iwwer hir Zukunft an iergendengem schwéngsege Reglement erëm?

Dir gesitt: Froen iwwer Froen.

Emissiounen vun der Landwirtschaft

Mir stellen eis natierlech och eis Froen. An eng ganz grouss Fro ass déi, op d'Ammoniak Emissiounen politesch ënnerschiddlech interpretéiert ginn?

Mir erënneren eis zeréck un dee schéine PSN mat e puer 100 Säiten, hei war ni rieds vun enger Deckelung vun der Gréisst vun de Betriber, geschweige vun iergendwellechen Autorisatiounen.

Nee de Minister Schneider hat jo deemools schonn d'Léisung fir d'Ammoniak Problematik virgestallt, an dat ware ganz genau 3 Pilieren:

- Pilier 1 : Bähëllef fir Betriber déi Véi ofbauen
- Pilier 2 : Bähëllef fir Betriber déi en niddrege Véibesaz bäibehalen
- Pilier 3: Aschaffe vu Mëscht bannent kierzter Zäit souwéi sämtlech technesch a baulech Mesuren

Et gouf also nach virun engem gudde Joer säitens dem Landwirtschaftsministère fundamental anescht op d'Ammoniak Problematik reagiert ewéi haut. Komesch, d'Ziler bis 2030 waren och zu deem Zäitpunkt bekannt, an de Volume vun den Emissiounen déi d'Landwirtschaft virun engem gudde Joer ausgestouss huet war och zimmlech identesch mat deene vun haut .

Mir halen also fest dass de Ministerwiessel grouss Diskrepanzen an der Interpretatioun vun engem an deem nämmelechte Sujet mat sech bruecht huet.

Haaptsuergend – Artikel 6 & 7

Fir dann direkt mat eisem Haaptsuergend an de mëttlerweil landeswäit bekannten Artikelen 6 & 7 unzufänken, wollte mir dës hei nach eemol kuerz virstellen, fir dass och wierklech jiddereen um leschte Stand ass wat do dra steet.

5 Aarbechtskräften am Véiberäich ass deen neie Plaffong, fir Bähëllef an doriwwer eraus och eng nei Zort vu Geneemegung ze kréien, déi an Zukunft soll d'Aktivitéit am generelle vun de Betriber reegelen. Dat heescht am kloren ab 5 AK ass Schluss. Wéi vill Béischten dat elo genau sinn, dat hänkt vu verschiddene Faktoren of, an zwar wéi vill Aarbechtsstonne pro Kou oder Schwäin oder Hong am neie Reglement definéiert ginn an ob Nozuucht de Betrib verléisst oder net.

Ab 2 Aarbechtskräfte gëtt eng Autorisatioun gebraucht, a ka refuséiert gi wann eis national Ammoniak Emissiounen net de gesaten Zilwäerter entsprécht, sou bedeit dat reng objektiv analyséiert, dass de Service Investition vun der ASTA an Zukunft ka mat u ganz neie Projeten ewéi dem Antigaspi oder dem PAN Bio schaffen, well en neie Stall wäert kaum méi ugefrot ginn.

Gottseidank huet de Minister Haagen eis, no stonnelaangen Diskussiounen, Kräizer bauen, Stiwvelen usträchen an esou weider, gesot dass d'Zopp dach net sou waarm giess gëtt wéi se gekacht gëtt, an dës nei Artikelen allzäit diskutabel sinn a sollen duerch eng besser Propos vum Secteur, wann et dann sou eng gëtt, kënnen ersat ginn.

Mir denke jo, et gi besser Alternativen, an dofir ware mir vun Ufank un dobäi, mat de Kollege vun deenen anere Gewerkschaften, fir eis mat un den Dësch ze setzen an ze probéieren eppes auszeschaffen wat reell hëlleft eis Problemer am Beräich Klima a Waasserschutz ze léisen, mee trotzdeem dem Bauer net komplett den Unternehmmergeescht entzitt, an d'Betribler um Liewen hält.

Vun Ufank u ware mir als Jongbaueren ni drun interesséiert, Subventiounsgelder mat der Géisskan ze verdeelen, mee dës Gelder zilgerecht do anesetze wou et Sënn mécht. An dem Avis dee vun der Landwirtschaftskammer verfaasst gouf, si mir wierklech frou eis Fuerderungen erëmzefannen.

Dëst Dokument gouf no ville Reuniounen, Aarbechtsgruppen a Kompromësser zesummegehallt, a presentéiert sech haut als konsolidéiert Stellung vun der ganzer Branche.

Et gouf Follgendes festgehalen:

D'Uewergrenz vun deene 5 AK deele mir, a sinn der Meenung dass eis landwirtschaftlech Region hei zu Lëtzebuerg besser mat familiäre Structure kompatibel ass wéi Betribler déi wäit iwwert déi 5 AK erausschéissen, wuel wëssend dass mir ëmmer vun den AK am Véiberäich schwätzen.

Den 2. Deel vum Artikel dee beseet, dass ab 2 AK eng Méiglechkeet besteet, d'Autorisatioun ze refuséiere wann d'Emissiounswäerter net op der gewënschter Trajectoire leien, soll komplett ersat ginn duerch e Katalog u Mesuren déi am Avis preziséiert sinn. Dës Mesuren sinn, ënnert anere:

- e konsequent Anhale vun der Landschaftspflegeprimm, ah nee, pardon Förderprämie zum Einstieg in eine nachhaltige und umweltfreundliche Landwirtschaft,
- Gülleausbréngung iwwert Schleppschung oder Injektionstechnik,
- ee Monitoring vun de Betribler inklusiv Stoffstrombilanzen
- ee gewëssen Autarkiegrad an der Trockensubstanz an dem Rohprotein vun der Fudderproduktioun

Dës 4 Measure musse schon 3 Joer virum Erhale vun enger Geneemegung erfëllt ginn. Weider Measure sinn iwwerdeems:

- Stafflung vun den Düngeeenheeten un d'Leeschtung vun de Mëlleckkéi
- Souwéi eng Dokumentatioun iwwer d'Ausbréngung vun der Organik

Mir si kloer der Meenung, dass d'Ammoniak- an d'Nitratproblematik a bestëmmte Regionen zu Lëtzebuerg ee reelle Problem ass, deen net vun der Hand ze weisen ass an och wëssenschaftlech beluecht ass. Wa mir awer dann e Bléck an de Rapport vum Klima-Biergerrot geheien, 66% Véireduzéierung bis 2050, dann froe mir eis dach awer wou déi ganz Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg histeiert.

Kee Véi bedeit kee Kreeslaf, a kee Kreeslaf bedeit eng zunehmend Ofhängegkeet wat d'Importer vun Düngemëttel ubelaangt.

Mir féiere jo bekanntlecherweis keen Terrorismus téschent der Bio- & Konventioneller Landwirtschaft. Mee mir stellen trotzdeem d'Fro an de Raum, wa mir wëllen dass de PAN Bio, wann et deen dann nach gëtt, an Zukunft vläicht méi zefriddestellend ëngesat soll gi wéi aktuell, da versti mir net wéi dës landwirtschaftlech Formen zunehmend véilos fonctionéiere sollten.

Wéi wëlle mir eng Kreeslafwirtschaft opbauen ouni de Wiederkäuer? Grad déi méi extensiv Forme vu Landwirtschaft wäerten duerch dee massiv geplangte Véiofbau déi éischt grouss Verléierer sinn.

Och déi vegetaresch Ernährung brauch Véi, d'Véi leescht eng wäertvoll Déngschtleschtung un d'Gesellschaft, grad wann et drëms geet Produktiounssytemer ze entwéckelen déi op sou wéineg wéi méiglech Importer ugewise sinn.

Leider geet dat Ganzt awer vill méi wäit wéi just d'Importer vun den Düngemëttel. Dëst Agrargesetz huet d'Zil Véi ofzebauen, et wär elo falsch ze soen dass mir domat direkt un eiser Liewensmëttelsoveränitéit seeën, indirekt awer schonn.

Am Mëllechberäich produzéiere mir méi Mëllech wéi der hei am Land consomméiert gëtt, et ass domat séchergestallt dass dës Exportmëllech zu deene warscheinlech beschten Ëmwelkrittäre weltwäit produzéiert ginn ass a vermaart gëtt. Et kann also sënnvoll sinn, ee Produkt hei mat engem méi klenge Footprint ze produzéieren, wéi dat de Fall wier wann dat selwecht Produkt am Exportland géif produzéiert ginn.

De Problem entsteet awer dann, wa mir eis Produktioun successiv hei ofbauen an eis Liewensmëttelproduktioun komplett an d'Ausland verlagere, well do geet dës Equatioun nämlech net méi op, do importéiere mir Produkter, Fleesch, Uebst, Geméis an esou weider, déi mat engem vill méi groussen Impakt op d'Ëmwelt hiergestallt goufe well einfach d'Reglementationen an deene grouse Produktiounslänner bei Wäitem manner usprochsvoll sinn ewéi hei.

Mir sinn, als Jongbaueren, der Meenung, dass an der rezenter Vergaangenheet politesch ganz grouss Feeler geschitt sinn, déi irreversibel Schied op déi global Klimaproblematik souwéi d'Ëmweltschied am grouse Ganze wäerte mat sech bréngen.

E puer Beispiller:

A China gëtt d'Schwéngfleesch an Industrieställ vu bis zu 28 Stäck produzéiert, a wat maache mir hei? Mir schafen eis *Marque Nationale* of, wou de Konsument Vertrauen dran hat, a bidden an deem neien Agrargesetz der handvoll Schwéngsbetribler déi mir nach hei am Land hunn, net ee Programm, weder an der 1. nach an der 2. Sail, déi deene Betribler en lwwerliewen erméiglecht.

Här Minister dat ass dach eng Katastroph!

Dat selwecht am Fleeschberäich, mir ginn elo op de Wee fir all klenge Stéierchen sou séier wéi méiglech aus dem Land ze kréien, fir eis Emissiounsbilanzen ze verschéinere, iessen awer weiderhi gär Kalleffleesch am grouse Stil. Wann da kee Kalleffleesch um Menü steet, dann ee gudder Steak aus Argentinie vun engem Angus, nieft 50 dausend aneren am Feedlot. Och wa mir just e Stëbskär um Globus sinn, huet all falsch Handlung hei hiren Impakt op enger anerer Plaz op dëser Welt .

De Lafbléiser ass dat perfekt Symbol fir déi landwirtschaftlech Politik vun eiser Zäit ze symboliséieren: Brauch vill Energie, mécht vill Kaméidi a verlagert d'Problemer ouni se ze léisen!

Zeréck zum Agrargesetz, innovéieren an diversifizéieren, Alternativen zur Véiproduktioun si gefrot.

Investbäihëllefen

Wéi mir all wëssen, huet eise Selbstversuergungsgrad am Geméis mat 3-5% an am Uebstbau mat ënner 1% am Fong guer näischt mat Selbstversuergung ze dinn!

Mat ee Grond fir dës niddreg Wäerter ass de staarke Mangel u Mechanisatioun an Aarbechtskräften hei am Land. Déi héichspezialiséiert Maschinne sinn deier a kënnen meeschtens just fir ganz spezifesch Geméisorte gebraucht ginn. Mir fuerderen dofir, dass d'Majoratioun vun 20%, déi op Investor a Gebaier, fir d'Uebst- a Geméisproduktioun scho virgesinn ass, wat mir begrëssen, och op Maschinnen ugewannt gëtt!

Här Minister, et ass jo zimmlech onlogesch, dass fir d'éischt a Gebaier géif investéiert ginn, wann een d'Geméis um Feld guer net produzéiert kritt! Mir sinn der Meenung, et misst een hei och op der richteger Plaz ufänken!

Och hei ass erëm eng Diskrepanz vun deem Agrargesetz feststellen, wou Zil manner Véi ass awer d'Alternative ginn net valoriséiert.

Ee ganz einfacht Beispill: Ech bauen ee Stall fir 100 Mëlleckkéi mat gesamter Technik fir 1,5 Mio €, kréien ech dorop e Subsid.

Ech wëll Geméis maachen a brauch eng ganz Rei un spezialiséiert Maschinnen, ech kréien och nach e Subsid fir mäin Teleskoplader fir d'Geméis heemzefeieren an dann ass et fäerdeg, méi ginn déi verstëbste Plaffongen net hier! An genau dat ass d'Vorgehensweis mat der mir net méi lieve kënnen. Et gëtt just nach Politik vun de Géigesätz gefouert: Kee Véi awer och keng Alternativen, méi Bio, mir maachen awer näischt dofir, an esou weider. Mir kéinten dës Lëscht ausbauen, mee dann fale mir mam Éierewäin an d' Nuecht.

Bleiw mir bei den Investitiounen: ganz allgemeng sinn d'Plaffonge fir d'Investor a Maschinne vill ze déif ugesat. D'Agrargesetz wäert jo erfahrungsgeméis bis mindestens 2027 a Kraaft sinn. Bei den aktuellen Inflatounstauxen, wou keen Enn a Siicht ass, fuerdere mir eng Verdueblung vu béide Plaffongen: eng Kéier vun 100.000€ op 200.000€ fir d'Basis an da vun 200.000€ op 400.000€ fir d'Majoratioun fir sämtlech Maschinne fir d'Uebst- a Geméisproduktioun souwéi der Technik fir d'Gülleausbréngung an der mechanescher Onkrautbekämpfung!

Ee leschte Punkt zu de Maschinnen deen eis um Häerz läit, betrëfft d'Gülleausbréngung. Fir d'Emissioun maximal reduzéieren ze kënnen, fuerdere mir, dass et kee Subsid méi op Schleppschläch gëtt, mee just nach op Schleppschung an natierlech Injektoren.

Mir hunn elo vill iwwert d'Agrargesetz geschwat, mee leider si mir nach net um Enn ukomm.

Mir géifen dann och nach e puer Wuert zur 1. an der 2. Sail verléieren.

Ausbildung an aktive Bauer

Fänke mir direkt mam Artikel 1 un. Den Artikel 1 definéiert d'Dispositiounen, déi am Kader vum aktive Bauer ze erfëlle sinn.

Wa mir liese wéi d'Definitioun vu landwirtschaftlecher Aktivitéit verfaasst ass, fanne mir dëst äusserst problematesch. Et geet net méi drëms Liewensmëttel ze produzéieren, mee den Ënnerhalt vu Flächen

oder Landschaftspfleg, wéi een et och ëmmer nenne wëll, geet duer fir d'Konditioun vu landwirtschaftlecher Aktivitéit ze erfëllen.

Dës Definitioun mécht leider d'Dier op fir eng ganz Rei Leit, deenen d'Landwirtschaft net sou um Häerz läit ewéi deene Leit déi den Owend hei am Sall sëtzen, mee deenen et an éischer Linn drëms geet sech e Maximum vu landwirtschaftlechen Terrainen ënnert hiren Nol ze rappen an do de Maximum u Primmen ze generéieren. D'Kiischt um Kuch ass déi, dass d'Sociétéiten dann ab elo och nach keng Betriebsnummer méi iwwert de Centre Commun mussen ufroe mee déi direkt iwwert den SER kréien.

Am Kloertext ass et also fir all Landverpiechter oder NGO an Zukunft méiglech eng Betriebsnummer unzefroen, sämtlech Fläche fir deiert Geld ze pachten an dës eemol d'Joer ze mulchen! Och dat ass alt erëm eemol e Beispill dofir dass dëst Agrargesetz den haaptberuffleche Liewensmëttelproduzent nëmmen nach bedéngt ënnerstëtzt, domat kënne mir net d'accord sinn!

Mir fuerderen hei onbedéngt en Iwwerdenke vun dësem Artikel a fuerderen och, dass e Pourcentage muss agefouert ginn, deen déi maximal gemellte Fläch begrenzt wou keng Produktioun drop stattfënnt.

Des Weidere gouf elo erëm d'Geleeënheet verpasst fir d'Pensionnairen aus der Definitioun vum aktive Bauer ze entkoppelen. Jidderee soll sou laang Landwirtschaft bedreiwe kënne wéi en dëst wëll, mee et kann net sinn, dass d'Pensioun geholl gëtt a weider sämtlech Flächeprimmen ausbezuelte ginn. Dëst ass weder am Interêt vun engem jonke Bauer nach vun enger zukunftsfaeger Landwirtschaft. Mir si fir de Generatiounswissel op de Betriber, fir d'Stärkung vun de Familljebetriber a soumat géint e Blockéiere vu Flächen duerch Pensionnairen!

Wéi Dir sécher wësst, muss Stand haut all Betrib mindestens 75.000€ Standard-Output erreche fir haaptberufflech Bauer kënne ze sinn.

An Zukunft ass virgesinn, dass schonns all Betrib ab 25.000€ Standard-Output als Haapterwerbsbetrib gëllt, domat gëtt also den Haaptkrittär vum haaptberuffleche Bauer esou wéi mir en haut kennen ofgeschaaft. Wat heescht dat konkret?

All Mënsch deen och nëmmen eng minimal landwirtschaftlech Aktivitéit bedreift, kënnt an de Genoss vun enger:

- Basisprimm
- der Ëmverdeelungsprimm
- den Eco-Schemes
- der Ausgläichszoulag
- gekoppelte Primmen

esou wéi weider Mesuren aus dem 2. Pilier!

De Risiko, dass Leit deenen d'Landwirtschaft wéineg um Häerz läit, mee éischer hir Hobbyen an der Gréngzon ausliewe wëllen, ass soumat méi grouss ewéi jee virdrun.

D'Fro déi sech fir eis stellt ass, wat d'Ufuerderunge solle sinn, respektiv d'Qualifikatiounen, déi eng Persoun an Zukunft soll matbréngen, déi Betriebsleeder wëll ginn?

Eis Opfaassung ass kloer!

Mir stellen eis a kengster Weis Quereinsteiger an d'Féiss, mee et kann net sinn, dass mir eisem Beruff esou wéineg Wäertschätzung gi wéi dat am Kader vum Projet de loi an Zukunft virgesinn ass.

Fir muncheree kléngt et vläicht komesch, mee Bauer ass net einfach iergendee Beruff, mee een deen u Komplexitéit sengesgläiche sicht. An duerfir ass eng uerdentlech Formatioun onëmgängelech, a mir kënnen net akzeptéieren, dat jiddereen, egal wéi ee Beruff ee geléiert huet, Bauer gëtt ouni eng Weiterbildung absolvéiert ze hunn, déi de Fuerderunge vum Beruff gerecht gëtt.

An kengem anere Berufsstand ass et méiglech ee Betrib ze grënnen oder ze iwwerhuelen, ouni Formatioun oder souguer Meeschterbréif. Eng ugepassten a kontrolléiert Weiterbildung ass onbedéngt noutwendeg fir och eng Entwärtung vum Beruff duerch d'Ouverture fir jiddereen ze verhënneren.

An all Secteur ginn d'Ufuerderungen u kompetent Personal stänneg an d'Luucht, de Staat mécht Reklamm mat Konzepter ewéi Life Long Learning, mee komescherweis setze mir an der Landwirtschaft den Niveau stänneg erof.

Bei den Installéierung vum deene Jonke versti mir einfach nach wie vor net firwat mir eise Beruff hei an esou engem staarken Ausmooss entwäerte ginn. Nodeems de Stage net méi obligatoresch ass a fräiwëlleg un 20.000 € gekoppelt gëtt, baue mir déi Haapthürd of, déi vill Leit bis dato ausgebremst huet sech op engem Betrib ze installéiere mat deem eenzegen Zil d'Erstinstallierungsprimmen ze kréien.

Mir sëtzen hei an enger neier Akerbauschoul, déi mir och an Zukunft brauche wäerten an déi mir sollte valoriséieren, amplaz se futti ze maachen!

Fir Leit ouni landwirtschaftleche Background, weder um Niveau vum der Beruffserfarung nach un der Ausbildung bleiwe mir dobäi, sou wéi et och am Avis vum der Landwirtschaftskammer formuléiert ass, dass eng Mindestberuffserfarung während 2 Joer à 40 Stonnen noutwendeg ass fir iwwerhaupt eligibel fir eng Installéierung ze sinn.

Des Weidere fuerdere mir eng Stafflung vum der Erstinstallierungsprimm net nom Géisskanepnzipp, wéi et aktuell virgesinn ass, mee wéi folgend:

- eng Basisprimm fir jidderee vum 20.000€
- eng Zousazprimm vum 30.000€ déi un d'Ëmsetze vum Businessplang gekoppelt ass
- Top-Up'e fir verschidden Ausbildungsniveaue vum DAP Agricole bis zum Master
- Zousazprimme vum 30.000€ gekoppelt un ee propper dokumentéierte 6-Méint Auslandsstage

Eco-Schemes an Agrar-Ëmwelt-Klima-Moosnamen

D'Opreegung war grouss wéi d'Eco-Schemes an d'AUKM annoncéiert goufen.

2 Constate sinn ze maachen :

1. Constat: Weder een Eco-Scheme, nach een Agrar-Ëmwelt-Klima-Programm vun all deenen déi d'Bauerevertriedunge proposéiert hunn, jo an et waren der vill, vill gudder, gouf zeréck behalen. Net een eenzegen!
2. Constat: Eng Mogelpackung, d'Eco-Schemes sinn esou niddreg plafonéiert, dass d'Bauern déi elo hir Betriber ëmstelle fir bei méiglechste ville Programmer matzemaachen, net wäerten dat ausbezuelt kréie wat ugekënnegt ginn ass.

Wuel kënnen d'Budgeten ënnert den Eco-Schemes selwer ausgeglach ginn, mee falls et dann nach net duer geet, wat eisen Informatiounen no warscheinlech ass, ginn d'Undeeler pro Hektar erofgesat. Dann ass et sou, dass d'Betriber net méi dat kënnen kompenséieren, wat se duerch de Jeton verléieren. Mir fuerderen hei eng Léisung, dass d'Hektarbeitrag op kee Fall musse gekierzt ginn. Soss ass et dach sou, dass mir mat attraktive Beträg zu den Eco-Schemes gelackelt ginn, an herno stellt ee fest, dass et net duer geet, ausser fir e Fouss an den Aasch.

Här Minister Haagen, Dir sidd och Sozialminister!

Mir verstinn deemno net wéi Dir mat Ärer 2. Kap kënnt matdroen, dass sämtlech Programmer mat engem Stonneloun ausgerechent ginn, deen ënnert dem Mindestloun läit. Dat ass de Geck gemaach, méi hu mir heizou net ze soen.

Energiekris – Biogas & Agri-PV

Zur gudder Lescht komme mir am Kader vun der Energiekris, jo et ass scho bësse kal hei am Sall, op de Biogas an d'Agri-PV ze schwätzen!

Zënter dass et de Biogas hei zu Lëtzebuerg gëtt, ass et net dacks virkomm, dass op dësem Dag net dervu geschwat ginn ass, awer leider war dat meeschtens Kritik um System an der Aart a Weis wéi mam Secteur um Terrain kommunizéiert gëtt.

Scheinbar huet sech een neie Moment entwéckelt, mat engem neie Gesetz, nei Tariffer fir Stroum a Gas. Mir hunn eng Energiekris, mee elo mol eent nom aneren.

Fir d'éischt puer Wuert zu den Tariffer, woubäi de Stroumpräis eng liicht Upassung no uewen kritt huet, wat mir begréissen.

Wann een awer donieft d'Gastariffer kuckt, stellt ee fest dass déi keng Upassung kritt hunn, net no ënnen an net no uewen. Ass dat net ee Paradox, well d'Produktiounskäschte fir Stroumanlage si genau sou an d'Luucht gaange wéi déi vun de Gasanlagen? Dat gesäit sou aus wéi wa mir hei géifen op der weltwäiter Gasreserv liewen, no eise Wëssen ass dat awer net sou. Si mir net an enger Zäit wou een all Ressourcen déi mir hei kënnen produzéieren, notzen a fërdere soll?

Mir mengen dach, mir sinn an sou enger Zäit. An duerfir ass et och net verrietbar, dass d'Hygiëniséierungsanlage fir d'Opbereedung vu Liewensmëtteloffäll, wat absolut sënnvoll ass, am Moment héich Stroumkäschten hu fir hir Maschinnen ze bedreiwen, an d'Endresultat duerfir net méi opgeet. Mir fuerderen an deem Kontext eng kuerzfristeg Hëllef fir déi Betriber.

Laangfristeg gëllt et awer och besser Léisungen ze sichen, wéi e Kontrakt mat engem Fixpräis op 15 Joer, an enger Zäit vun enger extremer Präisvolatilitéit. Dofir fuerdere mir eng Flexibilitéit vum Tarif, dee sech de Produktiounskäschten upasse kann, mir wëlle jo bei der Realitéit bleiwen.

Stéchwuert Güllebonus, kléngt gutt, an et gëtt vill Reklamm dofir gemaach. Ab 70% Piff a Mëscht, déi an enger Biogasanlag fermentéiert ginn, gëllt de sougenannte Güllebonus. Bis 90% gëtt gestaffelt, mee déi Stafflung ass exponentiell, an net wéi am Ufank virgesi war, linear. Mee déi schnell Changementer vun Texter si mir an der Landwirtschaft scho bal gewinnt. Doduerch gëtt et fir e Betrib dee bei 70% läit net interessant genuch fir Efforten no uewen ze maachen, well sech den Tarif bis 80% nëmme minimal héicht, an doriwwer eraus réischt méi intressant gëtt. Mir fuerderen eng gläichméisseg Stafflung vum Güllebonus, fir all Effort deen an déi richteg Richtung gemaach gëtt gerecht ze entlounen.

Am *Projet de règlement grand-ducal 7873 2019*, deen d'lescht Woch, nodeems 3 Joer laang dru gedoktert ginn ass, endlech a Kraaft getrueden ass, sinn d'Konditiounen fir ee sougenannte Renouveau festgehalen. Dat Règlement ass den Iwwergang an dat neit Gesetz, déi sougenannte „Strategie Biogas“, wou och besser Konditiounen fir d'Produzenten komme sollen, mee dat Gesetz ass awer nach net a Kraaft. A bis et fäerdeg ass, maachen nach méi Anlagen zou wéi bis elo, well kee Gesetz do ass. Dat ka jo einfach net sinn! Dass an enger Krisensituatioun sou gravéierend Feeler gemaach ginn, dass wéinst Gesetzter déi schlecht sinn, oder déi et guer net gëtt, keng regional an nohalteg Energie ka produzéiert ginn. An wann dann iergendwann esou ee *Projet de loi* do ass deen erëm muss séier séier duerchgeboxt ginn, nodeems jorelaang, wéi vill kann een net ëmmer sou sécher soen, alles hanner zouenen Diere gemaach ginn ass, a kee Mënsch eppes matkritt huet, dann huet de Secteur um Terrain 1 Woch Zäit fir säin Avis dozou ofzeginn. Dat ass leider näischt Neies a mir fuerderen dofir dat de Secteur bei allen Decisiounen déi hie concernéiert mat Zäit agebonne gëtt, an net méi déi Disproportionalitéit.

Wa mir iwwert d'Energiekris schwätzen, wëlle mir awer och nach e Wuert zur Agri-PV verléieren.

Mir begréissen hei déi virbildlech Abannung iwwert dat lescht Joer, wou mir nieft enger Visitt vun der Freiflächenanlag zu Jonglënster och aktiv Input ginn hunn, sou begréisse mir, dass bei der Ausschreiwung ausschliisslech aktiv Baueren dierfe matmaachen, eng grouss Suerg vun eis, déi vum Energieministère eescht geholl ginn ass.

Mir bedauern et allerdéngs, dass dës Anlage vu maximal 5 Megawatt einfach ze grouss sinn. 5 MW heescht ee Flächebedarf vu 6 -7 ha, an da stelle mir eis awer Froe wéi dëst säitens dem Ennvironnement ka matgedroe ginn. Wa mir kucke wéi eng *Mesures d'Intégration* aktuell ëmzesetze sinn, wann een eng kleng Erweiderung op enger besteeënder Ausiidlung mécht, froe mir eis wéi et beemol méiglech ass Projete vun esou grousser Fläch an d'Natur ze integréieren. Fir eis wäer et déi besser Variant gewiescht de Plaffong op maximal 2.5 MW ze begrenzen, domat hätt een Anlage geschaf, déi éischstens nach vu Familljebetriber kënne wirtschaftlech gedroe ginn an och integréierbar sinn.

Bauen an der Gréngzon

Wann mir vun Integratioun an der Natur schwätzen, wäer mir och erëm beim Dauerbrenner “Bauen an der Gréngzon” ukomm.

Hei musse mir wierklech soen, dass dëst ee gutt Beispill ass, wéi den Dialog fonctionéiere kann, a mir wëllen och op dëser Plaz nach eemol ganz kloer ënnersträichen, dass mir frou driwwer sinn, dass den Ëmweltministère, op eisen Drock hin, d'Impaktetüden zeréck gezunn huet, an dës Betriber net am Stach gelooss huet.

Mir müssen awer elo endlech weiderkomme wat déi nach ëmmer vill ze laangwiereg a komplizéiert Prozeduren ubelaangt. Mir brauchen endlech e kloert Reglement, wou dem Pier säi Projet no deenen nämmechte Krittäre gehandhaabt gëtt, wéi dem Jemp säin.

Mir brauchen dréngend eng Stafflung vun den Autorisatiounen a verschidde Krittären, mir schloe vir, dass an Zukunft eng *procédure allégée* stattfënnt fir Projeten déi de Volume vu Gebaier net veränneren, als Beispill: PV-Anlagen, eng Viischtdier an engem Wunnhaus etc. Dat sinn Autorisatiounen, déi kënne mëttwochs eraus, wann d'Demandë méindes erakomm sinn. Da misst ee generell differenzéieren tëschent besteeënden Ausiidlungen a komplett neie Projeten an der Gréngzon.

Dat si kleng Schrëtt an déi richteg Richtung an et ass grad elo de Moment bei der Iwwerschaffung vum Naturschutzgesetz, wou dës müssen ëmgesat ginn!

Här Minister Haagen a Verrieder aus dem Ëmweltministère, mir hunn lech eis Recommandatiounen zum Agrargesetz an Naturschutzgesetz propper erkläert, jidderee versteet se, mir hoffen Dir och, an Dir gitt mat eis op dee Wee.

Mir kréien ëmmer gesot am Dialog léist ee Problemer, d'Diere sinn all op, mir müssen driwwer schwätzen. Mir sinn och där Meenung an dofir fuerdere mir, sou wéi och schonn d'Aktioun "*roude Stiwwel*" dat gefuerdert huet, datt endlech en Agrarsommet ofgehale gëtt. Mam Premier, dem Landwirtschafts- an dem Ëmweltministère, wou ouni Stress an an aller Rou während engem Mëtteg déi aktuell Problemer, déi mir hei hunn, diskutéiert ginn an aktiv no Léisunge gesicht gëtt.

Här Minister, bei der Tripartite sëtzt Dir deeglaang beienee fir Léisunge fir d'Gesellschaft ze fannen, mir wiere frou wann Dir an Är Kolleegen sech och ee Mëtteg Zäit huele kéinte fir de Secteur deen se sat mécht.

Am kommende Joer si Walen Dir léif Leit, an den 8. Oktober gi mir an de Walbüro fir eng nei Chamber ze wielen. Léif Politiker, Dir hutt nach 10 Méint Zäit fir positiv opzefalen, mir wiere frou wann mir eppes dovunner an der Landwirtschaft géife gesinn, well och mir gi wielen.

Een Tipp zum Schluss: D'LLJ wäert och virun de Wale rëm Table-ronden organiséieren, wou mir op déi lescht 5 Joer zeréckkucken. Do wier et gutt, wa mir bei all Partei e puer positiv Akzenter hätten. Bis elo ass et nach néierens déck. Mee wéi gesot, Dir hutt nach Zäit drun ze schaffen.